Mir hunn dee Budget realistescherweis esou gemaach, dass mer d'Akommessteier, d'Taxe d'abonnement an d'Lounsteier no ënne revidéiert hu par rapport zu de Recettëstänn vum Joer 2008.

Mir hätte gären, dass déi staatlech Investissementspolitik, déi mer no uewe revidéieren, och vun de Gemenge matgemaach gëtt. D'Gemenge solle wëssen, dass d'Joer 2009 e Joer ass, wou se méi Defizit kënne maachen, wéi se dat normalerweis gewinnt sinn, ënner Berücksichtigung vun all deenen Defizitausgläichsrechnungen, déi d'Gemengen ëmmer musse maachen.

Déi Investissementspolitik, déi muss ugekuerbelt gi wéinst der Augmentatioun vun den Zukunftschancen, ass net nëmmen eng staatlech Aufgab, et ass och eng kommunal Aufgab. Den Innenminister wäert dat an den nächsten Deeg duerch eng diesbezüglech Circulaire ganz däitlech maachen.

Ech résuméieren: Mir kënnen d'Weltwirtschaftskris net annulléieren. Mir kënnen d'Eurowirtschaftskris net an hiert Géigendeel verkéieren. Mir kënnen derfir suergen, mir mussen derfir suergen, mir hunn derfir ze suergen, dass d'Répercussioune vun der Wirtschaftskris op déi individuell Liewensverhältnisser vun de Lëtzebuerger keng negativ Konsequenze produzéieren, nämlech doduerch, dass mer hir Kafkraaft erhalen, nämlech doduerch, dass mer d'Solidaritéitsinstrumenter verbreederen a verstäerken, nämlech doduerch, dass mer deene klenge Betriber zu Lëtzebuerg supplementar Opträg doduerch verschafen, dass staatlech Investissements- an Interventiounspolitik méi däitlech cibléiert gëtt op déi kleng Betriber, mä net nëmmen op déi, well mer och am Beräich vum Déifbau a vum groussen a vum héijen, vum extrem héijen Héichbau wëllen alleguer déi Projeten, déi mer fir déi nächst Jore programméiert hunn, op d'Joren 2009 an 2010 virzéien, esou zwar, dass d'Investissementer, déi mer am Joer 2009 maachen, wahrscheinlech tëschent 50 an 100 Milliounen Euro méi héich leien, wéi déi Investissementer, déi mer am Budget vun der Administration publique ausweisen.

De Budget vun der Administration centrale verännert sech doduerch net, well mir brauche keng Dotatiounen an d'Luucht ze setzen. Mä vu dass duerch d'Maastricht-Theorie déi effektiv getätegt Dépensë gekuckt ginn, vergréissere mer eisen Defizit selbstverständlech ëm deementspriechend Montanten. Dat muss ee kënnen akzeptéieren.

Firwat hu mer de Projet vum Budget fir d'Joer 2009 net geännert? Well ech spiere jo déi Kritik a ville Milieuen. Fir d'éischt seet jiddwereen, très bien, Investissementer, ganz gutt Steiererliichterungen, ganz gudden Ausbau vun de Solidaritéitsinstrumenter, ganz gutt Ofsécherung vun Aktivitéiten an der Ekonomie. An dann no dräi Woche seet jiddwereen: Ass dee Budget do nach richteg?

Ech soen lech hei, dee Budget ass net méi ganz richteg. Well d'Previsioune fir d'Wirtschaftswuesstum zënter dem September 2008 bis gëschter Owend néngmol geännert hunn, well d'Europäesch Kommissioun den 19. Januar nei Previsiounen, Wuesstumsprevisioune fir d'Eurozon a fir Lëtzebuerg wäert maachen, déi net esou sinn, dass Lëtzebuerg 1,2% wäert wuessen, mä déi éischter bei deene Previsioune vun der OECD tëschent -0,5 a +0,5% wäerte leien.

Wat ass dann d'Äntwert vun der Politik dodrop? Mir mussen dat jo seriö diskutéieren heibannen.

Solle mer d'Steieren net erofsetzen? Qu'on me le dise! Ech géif et entre-temps falsch fannen, fir se net erofzesetzen, mä ech stelle just fest, keen anert Land setzt se erof.

Solle mer d'Investissementer kierzen? Solle mer dee Supplément vun Investissementer, dee mer virzéien, net virzéien, mä einfach an de Joren 2011, 2012 loossen? Oder ass et net méi gescheit, se virzezéien, se elo ze maachen, well eis Betriber keng Aarbecht hunn, a se dann an de Joren 2012 an 2013 net méi an deem Ëmfang ze hunn an domat also am Budget ze wannen? Obschonn eis da gesot wäert ginn, dass mer elo d'Investissementer - falls mer nach dobäi wieren, dat ass jo och nach net ganz sécher - erëm géifen erofsetzen.

Solle mer elo higoen an de Mindestloun net erhéijen? Well dat huet och Répercussiounen op de Budget. Vill Budgetsartikelen hänken um Mindestloun.

Solle mer de Renten- an de Pensiounsajustement net maachen? Villes am Budget hänkt dodrun.

Solle mer keen Accord salarial duerchzéien? Mir hunn een ofgeschloss an der Fonction publique vu +1,5%.

Solle mer de Schoulmeeschteren, déi méi musse schaffen, hire Complément ënner Form vu Pai net ginn?

Solle mer - an dat ass en essenzielle Punkt - déi automatesch Stabilisateuren net spille loossen?

Mir sinn eis an der Eurozon eens, all Staten, déi Haushaltsmargen hunn; a Lëtzebuerg, opgrond vun den Tripartite-Décisiounen a Gesetzer, déi deelweis souguer eestëmmeg heibanne gestëmmt gi sinn, an opgrond vun der virsiichteger Budgets- a Finanzpolitik, huet Margen.

Solle mer déi elo net ausnotzen? Solle mer spueren an d'Kris eran? Oder solle mer an d'Kris eran investéieren, fir eis Startméiglechkeeten ze verbessere fir deen Dag, wou d'Kris eriwwer ass?

Solle mer d'Solidaritéitswierk an d'Solidaritéitsinstrumenter um Knéi zerbriechen, anstatt se viru wierken ze loossen?

Mir sinn eis eens, dass d'automatesch Stabilisateure spillen. Kee Mënsch zu Lëtzebuerg weess, mengen ech, wat automatesch Stabilisateure sinn.

Wat ass dat? Dat besteet doranner, wann d'Steieren zréckgi wéinst der Konjunktur, d'Ausgaben normal lafen ze loossen, anstatt d'Ausgaben ze kierzen an domat weider konjunkturabriechend Effekter an der Gesamtpolitik ze provozéieren. Dat kann een, wann een Haushaltsmargen huet, a mir hunn där. Net am Statshaushalt, mä an de Gesamtfinanzen hu mer Margen zu Lëtzebuerg.

Ech ginn lech e Beispill. Mir hu jo enorm vill Leit elo am Chômage partiel. Ech fannen, dass et iwwregens wéineg Opreegung zu Lëtzebuerg provozéiert, dass mer elo 4.000 Leit hunn, déi all Mount 20% manner verdéngen. Déi meescht schaffen hei a wunnen net hei, duerfir ass dat e bësse méi mitigéiert. Déi kleng Fortis-Aktionäre suerge fir méi Opreegung wéi déi 4.000 Aarbechter, déi 20% manner Pai hunn.

(Interruption)

De Chômage partiel gëtt bezuelt vum Fonds pour l'Emploi. De Fonds pour l'Emploi gëtt dotéiert mat dem Impôt de solidarité a mat dem Produkt vum Impôt de solidarité. Esou kloer wéi d'Amen am Gebiet ass, wa mer manner Aarbechtsplaze schafen d'nächst Joer wéi dëst Joer, kënnt manner Impôt de solidarité eran, an d'Ausgabe vum Fonds pour l'Emploi, notamment wat de Chômage partiel ubelaangt, ginn exponentiel an d'Luucht, vun 1 op 50 Milliounen Euro wahrscheinlech.

Automatesch Stabilisateuren heescht, ech akzeptéieren, dass d'Steieren zréckginn, ech akzeptéieren, dass d'Dépensen an d'Luucht ginn. An ech kierzen d'Dépensen net, well ech soss grousse Schued am Wirtschafts- an am Sozialgefüge erbäiféieren an domat eigentlech wuesstumsbriechend sinn.

Wann een dat akzeptéiert, wann een akzeptéiert, dass déi sozial Solidaritéitsintrumenter méi deier ginn, well d'wirtschaftspolitesch Effizienz ofhëlt, muss een akzeptéieren, dass ee kann am Joer 2009 een Defizit kréien, obscho mer elo mengen, laut den Donnéeë vun der Kommissioun an eisen eegenen, dass mer géifen en Excédent realiséieren. Wat ech entre-temps selbstverständlech net méi gleewen, well ech mengen, dass mer am Joer 2009 een Defizit hunn.

Wa mer déi automatesch Stabilisateuren awer net spille loossen, kierze mer d'Entschiedegung vum Chômage partiel, kierze mer d'Indemniséierung vun der Aarbechtslosegkeet, kierze mer eng Rei vu sozialen Transferten, kierze mer domat also och d'Kafkraaft vu Leit, déi souwisou schonn ofgeholl huet doduerch, dass se net méi hir voll Pai hunn, well se net méi kënne voll schaffen.

Ergo geet alles a leschter Instanz ëmmer erëm ëm déi essenziell Notioun vun der sozialer Solidaritéit an enger Gesellschaft. D'Regierung steet dozou: méi Investissementer fir besser duerchstarten ze kënnen, wa mer erëm an d'Fassong kommen; Steiererliichterungen, fir d'Kafkraaft op d'mannst ze stabiliséieren, wann net souguer ze vergréisseren - si ass an deene leschte puer Joer geklommen, géint deem, wat anerer soen -; derfir suergen, dass déi Steierzueler, déi keng Steierzueler sinn, well se net genuch verdéngen, gläichzäiteg déiselwecht Steieravantagen an Nettoform kréie wéi déi, déi méi verdéngen.

Elo gëtt gesot: Budget rectifié. Ech mengen net, dass dat eng gutt Iddi wier. Mä ech mengen, dass d'Parlament awer ee Recht drop huet, am Laf vum Joer 2009 Zuelen ze kréien, déi vérifiabel sinn, insofern se kënne vérifiabel si bis zu deem Moment. An duerfir meng Propositioun. Mä well ech muss fortgoen, well den iresche Premier kënnt, wäert den Här Frieden dat - ech soen him dat elo hei - aktiv verteidegen. Meng Propositioun wier - ech soen och dem Charles Goerens dat als Chef vun der liberaler Fraktioun -, fir iwwert de Stabilitéitsprogramm, wann d'Regierung deen zu Bréissel areecht, eng parlamentaresch Debatt ze féieren.

Mir musse bis un d'Enn vum Joer, Mëtt Januar, een Addendum zum Stabilitéitsprogramm virleeën. Dat ass nei. Dat hu mer dës Woch am Eurogroup décidéiert. D'Kommissioun begutachtet deen, mécht den 19. Januar nei Previsiounen iwwert de Wirtschaftswuesstum zu Lëtzebuerg a mécht am Mäerz Recommandatioune fir Lëtzebuerg, wat déi zukünfteg Féierung vun de Statsfinanzen ubelaangt.

Ass et net méi sënnvoll, anstatt ee legislative Prozess a Gang ze setzen, dee kee Resultat ka produzéieren, well mir mussen en Enn Januar a Gang setzen, iwwert d'Zuelen ze diskutéieren an iwwert d'Reaktioun vun der Kommissioun a vun den europäesche Finanzministeren, an op déi Zuelen hei am Mäerz, Abrëll anzegoen, well ech där Debatt net wëll aus de Féiss goen? De Budget gëtt mat Sécherheet net esou ofgeschloss, wéi en elo gestëmmt gëtt, well mer d'automatesch Stabilisateure spille loossen a well mer d'Investissementer no vir zéien. Solle mer dat dann net hei am Mäerz, Abrëll diskutéieren? Dat musse mer dann zesumme kucken.

Ech sinn insgesamt der Meenung, dass d'Regierung, wann d'Parlament deem zoustëmmt, hei e groussen Honnerte-Millioune-Programm zur Verfügung stellt: fir méi Investissementer; fir Steiererliichterungen, déi d'Kafkraaft stabiliséiere respektiv stäerken; fir déi absolut Stäerkung vun der Kafkraaft vun deenen akommesschwaache Kategorië vun der Bevölkerung; fir eng Verbëllegung vum Logement, well mer do op 20 Millioune Steiereinnahme verzichten; fir eng Verbesserung vun der Kompetitivitéit vun eise Betriber.

Well mer d'Kierperschaftssteier erofsetzen, well mer d'Dividendëbesteierung erofsetzen, well mer duerch d'Erhéijung vum Mindestloun - déi mécht 38 Milliounen Euro aus - an d'Erhéijung vun de Renten a Pensiounen - dat mécht 51,7 Milliounen Euro aus - ee Gesamtpak, deen ech hei net wëll chiffréieren, well ech den Zuele wéineg Charme kann ofgewannen, op den Dësch leeën, deen eng Interventioun staatlecher Natur an d'Wirtschafts- an an d'Sozialgeschéie produzéiert am Endresultat, déi däitlech iwwer 2% vum Bruttoinlandsprodukt läit, déi sozialen Zouschnëtt huet, déi responsabelen Zouschnëtt huet, well se wirtschaftspolitesche Considératiounen ënnerworf ass, déi eigentlech der sozialer Maartwirtschaft erëm hiert Recht erëmgëtt an dem politesch normative Prozess d'Prioritéit erëmgëtt; während d'Moud vun der Zäit jo war, fir der Politik d'Recht ofzespriechen, nach an der Wirtschaft an am Sozialgefüge kënnen ze intervenéieren.

Ech sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fundamental dervun iwwerzeegt: a) dass mir d'Wirtschaftskris an der Welt an an Europa net kënne behiewen, b) dass mer eis Influenz an Europa musse geltend maachen, fir derzou bäizedroen, dass d'Wirtschaftsgefüge erëm zolidd gëtt an dass d'Wirtschaftsdynamik erëm zouhëlt, c) fir derfir ze suergen, dass d'Konsequenze vun der Wirtschaftskris an Europa, vun der Rezessioun, déi op Lëtzebuerg zoukënnt, déi individuell Liewensverhältnisser vun de Lëtzebuerger net negativ beaflossen, a fir d) derfir ze suergen, dass dës Kris och heiheem als eng Chance begraff gëtt, fir eis Startméiglechkeeten den Dag vun der Reprise wesentlech ze verbesseren, fir eist Wuesstumspotenzial ze augmentéieren a fir d'Chancë vun eisem Land méi grouss ze maachen.

Dës Kris, Här President, déi werft eis zréck. Et ass d'Aufgab vun der Regierung, och vum Parlament a vun all deenen aneren, déi hei am Land wëlle matschwätzen, derfir ze suergen, dass, och wann déi Kris eis zréckwerft, déi Kris eis net ëmwerft.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech ginn dem Här Stats- a Finanzminister Akt vu senger Deklaratioun. D'Wuert huet elo nach eng Kéier de Statsminister.

2. Dépôt d'un projet de révision de la Constitution

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, de Grand-Duc huet mech haut autoriséiert, ee Projet de révision vum Artikel 34 vun eiser Verfassung hei am Parlament anzebréngen, deen däitlech mécht, dass de Grand-Duc d'Gesetzer a Kraaft setzt, mä dass hie sech net méi muss mam Inhalt vun de Gesetzer averstanen erklären.

5967 - Projet de révision de l'article 34 de la Constitution

M. le Président.- Ech ginn dem Här Statsminister Akt vum Dépôt vun dësem Projet, deen un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet gëtt. Här Minister Frieden, Dir hutt d'Wuert.

3. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)

Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, d'Zil vun der Politik, och a vläicht virun allem vun der Finanzpolitik, muss et sinn, de Wuelstand an d'Liewensqualitéit vun de Leit ze verbesseren, net nëmmen elo, mä och iwwert déi nächst Joren. Duerfir ass de Budget vun engem Joer ëmmer och d'Grondlag vu ganz ville Politike vun deene Joren duerno.

Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

De Budget fir d'Joer 2009 - e Budget, dee matzen an eng schwéier wirtschaftlech Zäit fält - huet d'Zukunftsgestaltung vun eisem Land, d'Erhalen an d'Verbessere vum Wuelstand vun de Mënschen zu Lëtzebuerg am Bléck. An ech mengen, datt et grad an der Kris gëllt, net pessimistesch de Kapp no ënnen hänken ze loossen, mä e Bléck an d'Zukunft ze werfen, e kloere Bléck och op déi Zäit no der Kris ze werfen.

Et bréngt eis net wäit, wa mer eis, wa mer d'Statsfinanze kucken a kommentéieren, ausschliesslech mat der Kris beschäftegen, well d'Statsfinanze sinn ëmmer e pluriannuellen Exercice. Duerfir mengen ech och, datt et gutt wär, datt mer de Mëtteg géifen zesummen, esou wéi d'Finanzkommissioun et an deene leschte Méint gemaach huet, iwwert d'Gesamtausriichtung vum Budget, mä och iwwert d'Statsfinanzen, pluriannuel gekuckt, an iwwert déi grouss Politikfelder, déi mer wëllen duerch d'Finanzpolitik bedéngen, goen.

Déi Aarbecht ass an der Kommissioun ënnert der Presidentschaft vum Laurent Mosar gemaach ginn. Ech wëll him a senge Kolleege villmools Merci soen, a besonnesch natierlech och dem honorabelen Deputéierten Norbert Haupert, deen a viller Aarbecht an a ville Gespréicher, och mat eis selwer, versicht huet, aus dem parlamentaresche Bléck op d'Statsfinanzen ze kucken an och ni de Bléck op d'Zäit no der Kris verluer huet. Si ass wuel esou wichteg, fir haut d'Zukunft ze preparéieren, wéi nëmmen eis ëm haut ze bekëmmeren. Mä natierlech musse mer eis och ëm haut bekëmmeren; also ëm dat Joer 2009.

Dee Budget, deen d'Regierung der Chamber virgeluecht huet, ass e Budget, dee sech duerch eng extrem Budgetsdisziplin charakteriséiert. Ech wëll drop hiweisen, datt de Budget a sengen Dépensë fir d'Joer 2009 manner wéi 1% wiisst par rapport zum realiséierte Budget 2008. An den Nopeschlänner nämlech gëtt de Budget ëmmer presentéiert a senger Croissance par rapport zum realiséierte Budget, an net zu deem Budget, wéi e gestëmmt ginn ass.

Eng Croissance vu manner wéi 1% ass e ganz räsonnabelen, streng disziplinéierte Budget.

Och d'Dépenses de fonctionnement vum Stat wuessen am Budget vum nächste Joer, no der aktueller Aschätzung, ëm 3,8%; wat also manner ass fir de Gesamtwuesstem vum Budget. An och dat beweist, datt mat de Budgetsausgaben net egal wat gemaach gëtt, mä datt gekuckt gëtt, sech op déi Dépensen ze konzentréieren, déi eng méi strukturell an och laangfristeg Ausriichtung op de Stat hunn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Et ka sinn effektiv, an ech mengen et ass och aus deenen Ausféierunge vu virdrun ervirgaangen, datt verschidden Dépensen d'nächst Joer anescht evoluéieren. Och verschidde Recetten. Mä ass dat esou anescht wéi an deenen anere Joren?

Kee weess zu kengem Moment, wann een e Budget opstellt, wéi staark dann de Wirtschaftswuesstem ass, oder wéi vill nei Aarbechtsplazen dat Joer duerno geschafe ginn. Wa méi Aarbechtsplaze geschafe ginn, ginn zum Beispill d'Transferte vum Budget un d'Sécurité sociale erop. Wann d'nächst Joer manner Aarbechtsplazen op eemol géife geschafe ginn, géifen och eng Rei Dépensen, nämlech d'Transferten un d'Krankekeess an un d'Pensiounskeesen erofgoen.

Et ass also schwiereg, mat allerleschter Prezisioun déi Dépensen anzeschätzen. Et kënnen also héchstens op der Dépensësäit verschidden Transferte vun Dépensë kommen, mä déi net grondsätzlech de Budget aus dem Équiliber rappen.

Ech mengen et ass wichteg, datt de Stat d'nächst Joer consomméiert, datt de Stat d'nächst Joer investéiert an datt en d'Prioritéiten esou setzt, datt mer déi Betriber geroden, déi am séierste kéinte Schwieregkeeten hunn an op déi mer direkt kënnen Afloss hunn.

Och op der Recettësäit gëtt et grouss Onsécherheeten. Mä ech wëll awer och drop hiweisen, datt mer deenen Onsécherheete schonn zum Deel Rechnung gedroen hunn.

Et ass nun eemol e Fakt, an deen huet wéineg Opmierksamkeet fonnt, datt d'Recetten am Budget 2009 op enger ganzer Rei vu Kategorië manner héich agesat gi sinn, wéi dat am Budget 2008 de Fall war. Et ass also net esou wéi wa mir d'Kris entdeckt hätten nom Dépôt vum Budget.

Et ass jo och esou, datt mer den Dépôt vum Budget awer och matzen an där fir Lëtzebuerg eemoleger Bankekris gemaach hunn. A mir hunn d'Aschätzung zum Beispill vun der Kierperschaftssteier net wéi déi Jore virdrun no uewe gesat, mä mir hu se um nämlechten Niveau voire liicht drënner gehalen. Datselwecht gëllt iwwregens fir aner Steieren, wéi zum Beispill d'Gehältersteier, och wéinst dem Effet vun der Steierreduktioun.

An der Kris, mengen ech, ass et méi wéi jee wichteg, datt ee sech net op ee Joer Budget konzentréiert, mä datt een de Budget an enger pluriannueller Perspektiv kuckt. Ech stelle fest, datt mer iwwert déi lescht Jore gekuckt eist Resultat vun den öffentleche Finanzen all Joer verbessert hunn.

Dat schlechtste Joer an deene leschten zéng Joer, an deem ech d'Verantwortung fir d'Budgetspolitik hunn, war d'Joer 2004, wat zur Halschent vun enger CSV/DP-Regierung an zur Halschent vun enger CSV/LSAP-Regierung geleet ginn ass. An deem Joer hate mer bei den öffentleche Finanzen en Defizit vu -1,2%.

Duerno, an duerch eng Rei Moossnamen, déi mer geholl hunn, an duerch eng besser Konjunktur, ass et zu enger positiver Evolutioun vun de Statsfinanze komm.

Mir haten 2005 nach en Defizit, hunn awer dunn an de Joren '06, '07 an '08 en Iwwerschoss kritt; an dat ass awer eng Evolutioun, déi een net soll verkennen.

Déi gefält all deenen net, déi gäre Pessimismus maachen, déi gären nëmmen d'Zukunft vum Land kucken duerch d'Kritik, esou wéi an deene leschte Wochen deen een oder deen aneren et gemaach huet.

Ech hätt gären, datt een an deem Zukunftsbild de Fuedem net verléiert. An de Fuedem fir d'Zukunft verléiert een net, wann een déi Politik, déi mer déi lescht Jore gemaach hunn, konsequent viruféiert.

De Budget fir d'Joer 2008 - dat ass also dee vum lafende Joer - hu mer der Chamber d'lescht Joer virgeluecht a mir hu gemengt, datt d'öffentlech Finanze géife mat engem Iwwerschoss vun 0,8% ofschléissen.

Mir vergiesse ganz séier, well mer och an enger héich mediatiséierter Zäit liewen, wou déi schlecht Nouvellen een iwwerrompelen, an d'Nouvellen, déi eis erreechen, si jo net schéin, datt mer déi éischt puer Méint vun dësem Joer en exceptionell gutt Joer haten. Datt d'Steierrecetten am Ufank vum Joer 2008 gutt waren an datt no de Previsiounen, esou wéi ech dat haut gesinn - d'Joer ass jo nach net ganz eriwwer; de Budget hält jo och net den 31. Dezember op, mä eng ganz Rei Dépensë ginn nach gebucht, déi uganks des Joers kommen -, mengen ech, d'Resultat vum Joer 2008, den Iwwerschoss vun den öffentleche Finanzen am Joer 2008 méi héich wäert si wéi deen, dee mer der Chamber d'lescht Joer virgeluecht haten.

Dat ass also eng gutt Nouvelle. An ech hunn also och déi ferm Intentioun, fir konform zu deem, wat de Statsminister elo grad am Numm vun der Regierung gesot huet iwwer eng Rei vun Aarbechten, déi mer virzéien, fir déi Iwwerschëss, déi dëst Joer kommen, direkt, dat heescht nach dëst Joer, un déi eenzel Fongen ze transferéieren, mat deenen déi Renovatiounsaarbechte finanzéiert ginn, sief dat de Fong vun de Renovatioune beim Bauteminister, sief dat de Fong vun de Monuments historiques bei der Kulturministerin oder sief dat de Fonds du rail bei dem Transportminister fir Entretiensaarbechte vun enger Rei vu Garen.

Well dat grad déi Betriber sinn, also d'Handwierk zu Lëtzebuerg, déi mer wëllen duerch virgezunnen Investitiounen ënnerstëtzen. Déi Suen also, déi mer dëst Joer méi erakréien, kann ech direkt a wëll ech direkt, dat heescht nach dëse Mount, un déi Fongen do transferéieren, esou datt déi Aarbechten och kënnen direkt finanzéiert ginn.

D'Joer 2008 wäert also besser gi wéi dat, wat mer gemengt haten. Mä d'Joer 2009 gëtt héchstwahrscheinlech méi schlecht. Well et ass kloer, datt eng Rei vu Steiereinnahmen, besonnesch an deenen éischte Méint vum Joer 2009, wäerte manner gutt sinn.

D'Aschätze vun de Steieren ass ëmmer eng schwiereg Saach. Ech si jo bekanntermoossen elo jorelaang fir de Budget zoustänneg an all Joer krut ech Kritik wéinst der Aschätzung vun de Recetten.

Ech wëll lech just soen, datt mer versichen, d'Recetten esou gutt wéi méiglech anzeschätzen, mä et ass immens schwiereg bei zum Beispill enger Steier wéi d'Taxe d'abonnement, déi bezuelt gëtt vun den Investmentfongen, déi zesummenhänkt mat de Bourssëgeschäfter, fir déi millimetergenau festzeleeën.

Eng Rei vun Experte soen, am zweeten Hallefjoer 2009 wäert et erëm besser goen. Ech weess net, ob dat de Fall ass. Ech hoffen, datt dat de Fall ass. Da geet déi Steier och erëm erop. Et ass kloer, datt déi Steier an deenen éischte Méint vum Joer 2009 wäert ganz niddreg sinn.

Ech wëll dat just soen, fir drop hinzeweisen, wéi schwiereg et ass, nei Chifferen och op der Recettësäit ze setzen. Mir proposéieren öffentlech Finanzen, wou mer mengen, datt déi d'Joer 2009 1,1% am Plus ofschléissen.

Dir wësst, datt nom Stabilitéitspakt ee kann en Defizit hu vu -3% wat d'Administration publique ubelaangt. Tëschent +1,1% a -3% ass e groussen, wäite Wee. Mir wäerten deen net gebrauchen.

Mä eng Verschlechterung vun de Recetten, déi en Impakt hätt op den Équiliber vum Budget, erlaabt eis nach ëmmer am Respekt vum Stabilitéitspakt ze sinn. An ech kann lech soen, datt, egal wat fir eng Änerung mir maachen, d'Regierung drop hale wäert, datt mer de Respekt vum Stabilitéitsprogramm an allen Hypotheese wäerten hunn, well dat ass d'Garantie fir gesond Statsfinanzen och an der Zukunft ze halen.

Déi Chiffere vum Joer 2009 wären nach vill besser, wa mer net Steierreduktioun gemaach hätten. Ech wëll lech hei rappeléieren, datt d'Steierreduktioune fir d'Betriber a privat Leit en Impakt vun 1,2% vum Bruttoinlandsprodukt hunn. Et muss een also wëssen, wann een déi Steierreduktioun net gemaach hätt, hätt een e vill bessert Resultat.

Mir mengen awer, aus deene Grënn, déi och virdrun de Statsminister rappeléiert huet, op déi ech net zréckkommen, datt mer dat an dësem Moment net solle maachen.

Mir ginn also méi Suen aus duerch Iwwerschëss vun dësem Joer, déi mer an déi Fongen do setzen, fir kënnen déi Aarbechte virzezéien. Mir wëllen, datt mer net méi Suen ausgi wéi déi, déi mer vum Stabilitéitsprogramm hier, och mam Spille vun de Stabilisateurs économiques kënnen ausginn. Mir maachen also eppes fir d'Ekonomie, mä mir maachen näischt, wat d'Statsfinanzen aus dem Équiliber werft. Natierlech, wann d'Kris undauert, musse mer strukturell Änderunge vun den Dépensë maachen, mä da musse mer déi a Rou diskutéieren. Déi mécht een net no zwou Wochen oder zwee Méint Kris, déi mécht een, wann ee mierkt, datt d'Kris eng durabel, laangfristeg Kris ass.

Dat gesot, ass et gutt, datt mer eis am Laf vum nächste Joer regelméisseg tëscht der Regierung an der Chamber gesinn, fir iwwert d'Exekutioun vum Budget ze schwätzen. Ech deelen, a wëll dat ausdrécklech ënnersträichen, déi Meenung, déi de Statsminister elo grad am Numm vun der Regierung gesot huet, datt et kee Sënn mécht, am Ufank vum Joer en neie Budget ze schreiwen. Souguer a gudde Jore kann ech lech soen, datt déi dräi, véier éischt Méint vum Joer d'Recetten iwwerhaapt näischt Richteges aussoen, well d'Recetten eréischt am Fong am Laf vum Joer kënne jugéiert ginn.

Verschidde Recettë ginn och eréischt no enger gewëssener Zäit bezuelt. D'Taxe d'abonnement gëtt net all Dag bezuelt. Och aner Steiere gesäit een eréischt no enger gewëssener Zäit. Ech wëll mech also heizou engagéieren, datt mer am Laf vum nächste Joer regelméisseg, all Mount, all zwee Méint, an d'Finanzkommissioun vun der Chamber kommen an do dann och zesumme kucken, wou mer mam Budget dru sinn, mä am Ufank kann ee ganz schwiereg Konklusiounen zéien.

Par ailleurs ass et de Wëlle vun der Regierung, fir am Januar eng Tripartite anzeberuffen, fir iwwert d'Konsequenze vun der Wirtschaftskris ze beroden. Ech mengen, datt dat en Zäitpunkt ass, wou mer da schonn d'Kris eng Rei Méint hanner eis hunn a besser iwwert dat nächst Joer kënne kucken. Duerfir wäert de Statsminister fir de Mount Januar, wéi gesot, déi Tripartite aberuffen. Wann een Investitioune mécht, a mir wëllen Investitioune maachen, wann een och Investitioune virzitt, da kënne mir dat zu Lëtzebuerg maachen, contrairement zu deenen anere Länner.

Wat maachen déi aner Länner? Déi maache genau dat, wat déi Politik ass, géint déi ech mech zënter Jore wieren. Dat ass, datt een einfach Sue léine geet an da méi ausgëtt. Mir maachen dat net, well mir hu Reserven an deene leschte Jore constituéiert. Mir hu Reserve constituéiert, déi wéineg Opmierksamkeet dobausse fannen, mä déi eis awer a schwéieren Zäiten hëllefen, déi Projeten, déi mer geplangt hunn, och duerchzezéien, och wann d'Recettë manner héich ginn.

Déi Chifferen, déi Dir an der Chamber fir de Rapport vum Budget hat, déi géif ech gären hei nach complétéieren. D'Reserven um 31. Dezember, d'Avoire vun de Spezialfongen um 31. Dezember 2007, hu sech op 1,7 Milliarden Euro belaf. Déi Reserven hunn déi Mehreinnahme vum Exercice 2007, déi mer am Laf vum Joer 2008 festgestallt hunn, nach net berücksichtegt. Mir hunn, wéi mer de Budget opgestallt hunn, décidéiert, d'Mehreinnahme vum Joer 2007 an d'Avoire vun deene Fonge bäizesetzen. Dat huet zum Effet, datt mer fir de Moment d'Avoire vun deene Fongen, mat deene mer d'Investitioune bezuelen, net bei 1,7 Milliarde leien hunn, mä bei 2,1 Milliarden Euro. Et ass also mat deenen, wou mer déi Investitioune kënnen tätegen, plus déi Mehreinnahme vum Joer 2008, vun deene mer virdru geschwat hunn.

Wann een also d'Finanzpolitik kuckt, beuerteelt, da soll een och kucken, wéi déi Avoiren an deene leschte Joren ausgesinn hunn. Wa mer elo ronn zwou Milliarden Avoiren hunn, da sinn dat der méi wéi ech der 1999, zum Ufank vun der Legislaturperiod 99/2004 virfonnt hunn, an da sinn dat der och méi wéi um Ufank vun dëser Legislaturperiod.

Dat beweist, datt dës Regierung d'Suen net einfach zur Fënster erausgehäit huet, mä datt se se op d'Säit gesat huet an ausginn huet, fir Investitiounen ze tätegen an domadder der Lëtzebuerger Ekonomie ze profitéieren, an domat d'Zukunft vun dësem Land op eng konsequent Aart a Weis virzebereeden. D'Zukunft vum Land fänkt net 2009 un, d'Zukunft vum Land huet virun e puer Joer ugefaangen, wann een eng konsequent Finanzpolitik mécht, mat engem kloeren Zil virun Aen, déi gesond Statsfinanzen, also och héich Reserve constituéiert.

Well ech soen, datt mer keng Schold maachen, fir dat ze finanzéieren, contrai-

Chamber TV

an der Stad: *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*
zu Déifferdeng: *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanven:** *um Kanal S 29*

rement zu deem, wat am Ausland gemaach gëtt, géif ech gären e Wuert iwwert d'Evolutioun vun der Schold soen.

Déi Schold an den Tableaue reflektéiert net d'Realitéit vun der Schold an den Nopeschlänner. Mir hunn, virun de Rettungsoperatioune vun de Banken, eng Statsschold, eng öffentlech Schold gehat vu ronn 7% vum Bruttoinlandsprodukt, eng öffentlech Schold, an där also och d'Schold vun de Gemenge mat dran ass. Mir kommen no deem Emprunt, dee mer lancéiert hunn, fir d'Rekapitalisatioun vun zwou grousse Banken ze maachen, op eng Statsschold vun 13,9% vum Bruttoinlandsprodukt. Déi Schold ass awer nëmmen temporär an ass net ze vergläiche mat där anerer Schold, well de Remboursement vun där Schold geschitt natierlech duerch d'Vente vun eise Participatiounen an deenen zwou respektiv dräi Lëtzebuerger Banken. Dee Moment, wou mer aus deene Banken erausklammen, dee Moment, wou mer Dividenden a Mehrwäert vun dem Verkaf encaisséieren, kënne mer och, ouni d'Statsfinanzen ze belaaschten, deen Emprunt rembourséieren, an dann erëm vun 13% op 7% oder eppes do ronderëm zréckkommen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

En direkten Impakt op de Statsbudget huet natierlech d'Bezuele vun den Zënsen, déi mer op deem Emprunt musse bezuelen. Och dat wäerte mer duerch eng direkt Dotatioun vun dem Exercice 2008 un de Fonds de la dette maachen, fir datt déi 70 Milliounen, déi mer d'nächst Joer schonn hunn, an engem Moment wou mer vläicht nach net Dividende vun eise Participatiounen hunn, ouni de Budget direkt vum Joer 2009 ze belaaschten, och kënnen de Remboursement vun där Zënslaascht maachen.

Ech wëll lech just soen, datt de Fait, datt mir souguer e Fonds de la dette hunn, relativ eenzegaarteg an Europa ass. Mir wëllen dee Fong och weider dotéieren. Am Budget fir d'nächst Joer sinn 90 Millioune fir de spéidere Remboursement vun der Dette virgesinn. Ech wëll am Laf vum Joer nach eng ähnlech héich Zomm direkt an dee Fonds de la dette ginn, fir de Remboursement vun der Zënslaascht, deen aus dem Emprunt public vun deene leschten Deeg, dee massiv vum Lëtzebuerger Vollek souscrivéiert ginn ass, kënnen ze tätegen.

D'Budgetspolitik muss, wéi gesot, d'Instrument sinn, fir d'Kris ze bremsen an d'Zukunft opzebauen. Ech mengen, datt d'Finanzpolitik deem gerecht gëtt. Ouni déi zolidd Finanzpolitik vun de leschte Joren, ouni déi Korrekturen, déi mer maachen, fir d'Entreprisen zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen, déi, déi virun allem vum Lëtzebuerger Maart ofhänken, wär dat Zil do net ze erreechen.

An deem Budget, an dat ass jo e bëssen dat Schwieregt an der Kommunikatioun iwwert de Budget, ginn am Fong déi sëllechen Dépensen, déi doranner sinn, verluer. Déi Dépensen, mat deenen d'Zukunft vum Land preparéiert gëtt.

Wie weess dann, datt mer ronn 80 Milliounen a Schoulbauten am nächste Joer stiechen, datt mer bal 400 Milliounen an d'Schinnennetz an an nei Garen investéieren, an der Stad, zu Belval, d'Netz op de Kierchbierg an op Péiteng maachen? Datt mer an d'öffentlech Fuerschung - déi Zukunftsinvestissementer, déi een net direkt spiert, mä déi awer an e puer Joer d'Leit spieren - 200 Milliounen ginn? Dat sinn 19% méi wéi am Joer virdrun. Datt mer an d'Universitéit ronn 70 Milliounen investéieren, wou mer d'Leit forméieren, mä och eis zousätzlech nei Aktivitéite schafen? Datt mer an de Kulturberäich 115 Milliounen investéieren, dovunner ronn 100 Milliounen a lafend Ausgaben a 17 Milliounen a Kapitalausgaben, also Neibauten oder Aarbechten, déi an d'Infrastrukture ginn?

Datt mer eng 40 Milliounen an de Sport investéieren? Och do ronn d'Halschent a Kapitalausgaben, also Infrastrukturen, an d'Halschent a lafend Dépensen. Alles dat geet natierlech an enger schneller Lecture vum Budget, och bedéngt duerch d'Wirtschaftskris, verluer.

An deem Budget ass ganz villes, wat och fir d'Mënschen a fir d'Zukunft vun eisem Land wichteg ass. A wie Sport seet, denkt och un d'Gesondheet, well Sport ass Spaass, mä Sport ass och Gesondheet. Mir gesinn am Budget vum nächste Joer bal 20 Millioune méi vir fir de Fonds hospitalier, well eng Rei grouss Projeten, wéi de Centre hospitalier, d'Escher Spidol oder Kolpech, virgesi sinn. Dépensen, déi direkt de Mënschen zeguttkommen, mä och all deene Betriber, déi selbstverständlech déi Renovatiounsaarbechte maachen. Mir kënnen also en Zil erreechen an der Sozialpolitik an zugläich d'Wirtschaft, d'Betriber zu Lëtzebuerg an an der Ëmgéigend domadder staark ënnerstëtzen.

Mir ginn 80 Milliounen, 15% méi fir Kläranlagen. Mir ginn an de Kyoto-Ausgaben, Ëmweltausgaben 20% méi aus wéi am Joer 2008, nämlech 120 Milliounen. Mir ginn 110 Millioune fir Kannerbetreiungsstrukturen aus, dat si 45% méi wéi dat Joer virdrun.

Elo kann een natierlech ëmmer méi fuerderen. Mä ech hätt emol gären, datt mer dat dote verschafft kréien, datt mer dat doten ëmgesat kréien, dann hu mer d'Liewe vu ville Mënsche scho geännert.

Duerfir wär ech frou, wann all déi, déi méi fuerderen, och emol fir d'éischt géife kucken, wat dann 2007, 2008 an 2009 geschitt ass an am Budget fir d'nächst Joer virgesinn ass. An dann eréischt kënne mer d'Fro beäntwerten: Wat fir e Land wëlle mer? Wat fir e Land brauche mer opgrond vum Budget, dee mer hunn?

Et kann ee villes wënschen, och am Beräich vun de Recetten. Et muss een nach ëmmer fir d'éischt emol kucken, wou een iwwerhaapt déi Sue kann hierkréien, well, och wa mer eng staark Sozialpolitik an deenen nächste Jore wëllen hunn, Sozialpolitik am breede Sënn vum Wuert, da musse mer e ganz besonnescht Amooss an deenen nächste Wochen a Méint, méi wéi an der Vergaangenheet, op d'Recettësäit werfen.

Niewent deem, wat de Statsminister virdru gesot huet iwwert d'Virzéie vu Projeten, fir de Mëttelstand zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen, musse mer eis op d'Weiderstäerkung vun deem wichtegste Pilier vun der Lëtzebuerger Ekonomie konzentréieren, an dat ass d'Finanzplaz.

Jo, mir sinn eis alleguerten eens, datt mer eng Diversifikatioun vun der Ekonomie brauchen. Eng Diversifikatioun heescht awer net en Ersatz zu deem wichtegste Pilier vun eiser Ekonomie. Dat ass e Complément zu den Aktivitéite vun der Finanzplaz, an duerfir muss een och weider d'Finanzplaz stäerken an ausbauen.

Et ass och an deem Sënn, wou mer an deene leschte Joren täteg waren a wou mer och nach méi täteg musse sinn an der Zukunft. Duerfir maache mer déi sëlleche Promotiounsmissiounen am Ausland. Jo, mir mussen eist Land ëmmer erëm erklären, erklären, wat mer sinn, wat mer unzebidden hunn, firwat mer mengen, datt mer verschidde Saachen unzebidden hunn, déi déi aner net hunn.

Mir hunn eng gutt Renommee, an déi solle mer och net all Kéiers nëmmen duerch de Bléck vun deem engen oder aneren Televisiounsreportage gesinn.

Ech kann lech soen, datt bei rezente Reesen, déi ech gemaach hu fir d'Promotioun vun der Finanzplaz, sief dat an de Golfstaten, sief dat a China oder sief dat an Indien, do eise Ruff ganz gutt ass.

Mir hu schlussendlech et fäerdeg bruecht an deene leschte Wochen a Méint, fir kënnen a China Lëtzebuerger Investitiounsfongen ze verkafen, well mer mat de Chineesen négociéiert hunn. Dat ware schwiereg Verhandlungen. Dee leschten Akt vun deene Verhandlungen ass eréischt viru 14 Deeg zu Peking gesat ginn.

Mir hunn an de Golfstate Kontakter geschloss, well déi Leit sichen eng geographesch Diversifikatioun an déi sinn interesséiert un Investissementer. Et ass un eis, ze kucken, datt déi Investissementer net nëmmen zu Genève an zu London landen, mä och bei eis. Duerfir sinn déi Effortë verstäerkt weiderzeféieren, gradesou wéi déi Efforten, déi de Wirtschaftsminister mécht, wann hie Promotiounsmissioune mécht fir den net Finanzdeel vun der Lëtzebuerger Ekonomie. Dat eent an dat anert geet zesummen, an deen een an deen anere Minister schaffen och an der Strategie fir d'Promotioun vun eiser Ekonomie enk zesummen.

Et ass och aus deem Kontext, wou et enorm wichteg war an ass, datt mer de Finanzsystem grad zu Lëtzebuerg ënnerstëtzt hunn. Et ass duerfir, datt mer déi Rettungsoperatioune vun zwee grousse Bankinstituter gemaach hunn. Jo, déi Rettungsoperatioune waren net evident. Well et gouf der vill, och an eisem direkten Ëmfeld, déi gesot hunn, dat kënnt Der net maachen, dat kënnt Der elo net maachen, dat dierft Dir net fir esou vill Sue maachen.

Ech mengen, datt et wichteg war, datt mer dat gemaach hunn. Sécherlech kann een ëmmer, esou wéi ech et an der Zeitung gelies hunn, datt et och dëser Deeg op enger Pressekonferenz vun der DP gemaach ginn ass, a Fro stellen, wat gemaach ginn ass, oder soen, do wären Onkloerheete gewiescht.

Ech wëll lech soen, datt d'Lëtzebuerger Regierung net mat engem Angebot um éischte Weekend vun der Fortis-Operatioun vun der BNP Paribas konfrontéiert war an net bis haut ze doen hat mat enger Offer vun der Deutschen Bank. Ech wëll dat hei kloer an däitlech soen, well ech opgrond vun där Pressekonferenz x-mol elo schonn déi Fro gestallt kritt hunn.

Ech wëll hei rappeléieren, datt ech op der Televisioun um éischte Weekend vun de Fortis-Operatioune gesot hunn, datt d'Lëtzebuerger Regierung eng Privatléisung géif virzéien. Wann also eng Entreprise Schwieregkeeten huet, an en internationale Finanzgrupp kënnt, a wann deen dee Sonndeg gesot hätt, mir kafen déi Bank ganz oder zum Deel, da wär d'Lëtzebuerger Regierung nëmme méi wéi frou gewiescht, well dann hätt d'Lëtzebuerger Regierung net bräichen an d'Kapital vun där Bank eranzegoen.

Mir hunn also versicht, dat Schlëmmst ze évitéieren, andeem mer wollte Vertraue schafen. Wéi mer festgestallt hunn, datt kee privaten Acquéreur do war op deem éischte Weekend, hu mer also versicht, duerch déi Rekapitaliséierung d'Vertrauen ze halen, an dat Vertrauen hu mer och geschafe kritt, well no deenen Operatiounen d'Clientë bei deenen zwou grousse Lëtzebuerger Privatbanken net méi fortgaange sinn.

Dat war eist Zil. Dat hu mer erreecht. Ech akzeptéiere ganz gären, datt een doriwwer eng aner Meenung huet. Ech akzeptéieren och gären, datt een dat am Réckbléck och kritesch kuckt an datt dat net ass nëmmen, fir ze soen, dat ass gutt a richteg.

Ech hätt just gären, datt mer iwwer Fakten diskutéieren, an duerfir muss och eng Kéier de Moment kommen, wou mer am Detail doriwwer schwätzen. Et ass de Mëtteg net d'Plaz, well och déi Riede soss ze laang ginn. Mä mir mussen nach eng Kéier am Detail soen, firwat mer dat dote gemaach hunn. Dat waren historesch Operatiounen, iwwert déi ech gären zu all Moment schréftlech a mëndlech, och iwwert déi nächst Joren eraus, Ried an Äntwert stinn, well et och en Deel vun der Wirtschaftsgeschicht vun eisem Land ass. Dat war déi gréisste Bankekris, déi Lëtzebuerg zënter 80 Joer hat. Do hu mer intervenéiert. Mir hunn et gemaach op eng Fassong, wou ech, och wann ech haut zréckkucken, mengen, datt et dee richtege Wee war. Mä d'Geschicht wäert eis soen, ob dat dee richtege Wee war.

Jo, mir hu Risquë geholl. Jo, mir hunn extrem Risquë geholl. Mä et muss ee sech ëmmer d'Fro stellen, wat geschitt wär, wa mer déi Risquen net geholl hätten oder wa mer nach zwou Woche gewaart hätten.

Ech wëll awer gradesou däitlech nach eng Kéier soen, och, well dat eppes mat der Finanzpolitik ze doen huet, datt déi Interventiounen, déi mer gemaach hunn, temporär an exzeptionell musse sinn. De Stat kann net laangfristeg am Kapital vun dräi grousse Lëtzebuerger Banke sinn. Mir bleiwen esou laang dodranner, wéi dat noutwendeg ass, fir déi Banken a fir iwwerhaapt d'Finanzen, de Finanzmaart ze stabiliséieren, esou wéi dat déi aner Regierungen no eis gemaach hunn, well eis Kris hat zwou Wochen éischter ugefaange wéi déi an den Nopeschlänner.

Mir hunn et gemaach, well et eis geschéngt huet, noutwendeg ze sinn, a mir hunn et schnell gemaach, well wa mer gewaart hätten, wär d'Vertrauenskris enorm grouss ginn. A Krise muss ee schnell handelen. Datt vläicht deen een oder deen aneren d'Saach herno anescht gemaach hätt, dat schéngt mer richteg. Dat kann een och kritesch begutachten, mä et muss een dann och soen, wéi een et anescht gemaach hätt, ëmmer ënnert deene Circonstancen, well et sinn d'Circonstancen, déi exzeptionell waren an déi och zu exzeptionellen an net einfachen Décisioune geféiert hunn.

Mä generell bleift, datt mer fir d'Zäit no der Kris an och an der Kris eng wirtschaftsfrëndlech Politik zu Lëtzebuerg musse maachen. Dat maache mer duerch d'Steierpolitik. Dat musse mer maachen, andeem mer d'Kompetitivitéit vun eise Betriber op eng zolidd Aart a Weis ëmmer erëm ënnert d'Lupp huelen. Och dozou kann d'Tripartite, déi am Januar stattfënnt, hëllefen. Ech mengen, datt et noutwendeg ass, datt mer d'ekonomesch Entwécklung ënnerstëtzen.

Nëmmen eng zolidd wirtschaftsfrëndlech Politik kann zu enger staarker Sozialpolitik féieren. Mir si fir eng wirtschaftsfrëndlech Politik, duerfir d'Steierreduktioun. Mir si fir eng Politik vu Solidaritéit, duerfir dee staarke sozialen Aschlag an eisem Budget.

Mir kréien net all Aarbechtsplaz an eisem Land gemoolt. Mir mussen also heiansdo bereet sinn, och Kompromësser ze maachen tëschent Politiken, déi heiansdo kontradiktoresch sinn. Mir brauche schnell Décisiounen, mir brauchen en Ëmfeld, wat kloer ass, wat sécher ass, sécher an all sengen Dimensiounen. An da mengen ech, komme mer virun.

Mir brauchen och eng europafrëndlech Attitüd. Kee Land profitéiert méi vun Europa wéi mir, well grad mir déi oppe Märt brauchen, fir eis Produkter, eis Déngschtleeschtungen no baussen ze verkafen a fir kënnen de Mënschen, déi ronderëm eis Grenze wunnen, Saachen ze verkafen. Dat ass eng Dimensioun, déi oft vergiess gëtt, wa mer léiwer dat Nationaalt kucken.

Ech mengen, datt eng Wirtschaftspolitik, mä och generell eng Lëtzebuerger Politik nëmmen da kann Erfolleg hunn, och an der Finanzpolitik, wa mer eis abetten an eng europäesch Politik. Duerfir d'Wichtegkeet och vum europäesche Stabilitéitspakt. Et ass en fait de bon sens, mir maachen déi gesond Statsfinanzen, well mer dru gleewen. Mir maache se och wéinst dem Stabilitéitsprogramm. Wann déi aner se awer net géife maachen, a mir géife se eleng maachen, dann hätte mer e Problem an der Eurozon. Well mir hunn eng gemeinsam Währung mat deenen anere Länner, an duerfir muss een dat eent an dat anert zesumme gesinn. Ech plädéieren also och an der Finanzpolitik fir eng staark europäesch Orientatioun.

Europa nervt heiansdo op deem engen oder anere Punkt. Mä wa mer alles op eng Wo leeën, hu mer och grad an der Finanzplaz eng riseg Chance, fir eis kënnen ze erweideren. Den europäesche Pass, deen d'Finanzdéngschtleeschtunge kritt hunn, ass d'Chance gewiescht fir d'Entwécklung vun der Finanzplaz. Duerfir musse mer weider kämpfe fir dat Europa. Duerfir sinn ech och frou, datt déi rezent Propositioune vun der Europäescher Kommissioun, déi iwwert d'Zënsbesteierung ginn, eis net ze vill Schwieregkeete maachen, mä datt mer déi kënnen op eng konstruktiv Aart a Weis am Conseil vun de Finanzministeren diskutéieren.

Ech hätt gär, datt zu Lëtzebuerg op der Finanzwelt och an Zukunft souwuel d'Fongegeschäft wéi de Private banking op eng staark Aart a Weis kënnen ausgebaut ginn an esou ausgebaut ginn, datt mer dat och kënnen am Ausland uerdentlech erklären. Duerfir muss ee vläicht déi eng oder déi aner Ännerung maachen, mä d'Kursrichtung stëmmt. Ech begréissen, datt d'Europäesch Kommissioun net einfach mat engem Fiederstréch dat, wat mer zënter Joren opgebaut hunn am Beräich vun der Gestion de patrimoine, gestrach huet.

Och d'Europäesch Kommissioun ass also sensibel fir eng Rei vun ekonomeschen Argumenter. Dat huet se och haut bewisen, andeem se eng Rei vun deene Restrukturatiounsoperatiounen, déi ech virdrun ugeschwat hunn am Bankesecteur, och schéngt de Moien approuvéiert ze hunn. Wat also och en Zeechen ass, datt d'Kommissioun en application vun hirem Traité awer och fir wirtschaftlech Iwwerleeungen op ass, déi mer versicht hunn, esou gutt wéi mer konnten an deene leschte Wochen ze maachen.

Här President, et wär zum Budget villes ze soen. Den Här Statsminister wollt 20 Minutte schwätzen an ech wollt mech dann un déi nämlecht Zäit halen. Weder hien nach ech hunn eis un déi 20 Minutte gehalen.

Ech mengen, datt et gutt wär, wann een iwwert de Budget méi géif diskutéieren. Duerfir begréissen ech och ausdrécklech, datt de Budgetsrapporteur, den Här Haupert, och op ongewinnte Plazen, nämlech an d'Schoulen, a verschidde Schoulen, gaangen ass, fir iwwert de Budget ze schwätzen. De Budget ass d'Grondlag vun esou muncher Politik. An et wier gutt, wann d'Leit sech géife mat de grousse Parameteren, mä och mam Detail vum Budget auserneesetzen.

Wann ee wëllt e Land gutt féieren, dann dierf een net hektesch Kurskorrekture maachen. Da muss een ëmmer d'Zukunftsobjektiver virun Aen halen. De Budget 2009 ass engersäits en Antikrisebudget, mä anerersäits mécht en och d'Preparatioun vun der Zukunft. E mécht méi Investissementer. E gëtt méi Kafkraaft, ouni awer d'Budgetsdisziplin an d'Soliditéit vun eise Statsfinanze mëttelfristeg opzeginn.

Eist Land huet et op eng beandrockend Aart a Weis an deene leschte Jorzéngte fäerdeg bruecht, sech och a méi schwierege Momenter weiderzeentwéckelen. Dat hunn eis Eltere gemaach nom Krich, dat hu vill vun lech gemaach an der Stolkris, an dat wëlle mir och an der Finanz- an an der Wirtschaftskris maachen. Dat ass eng global Kris. Mir kënnen net alles eleng maachen, wéi de Statsminister dat och virdrun ënnerstrach huet, mä do, wou mer zoustänneg sinn, do wëlle mer eist Bescht maachen, mä iwwert d'Kris eraus och an d'Zukunft kucken.

Wa mer also elo zesummenhalen, wa mer déi richteg Prioritéite setzen - an ech wäert ganz genee kucken, wat an deenen nächste Wochen, besonnesch d'nächst Woch, vun Alternativen op der Dépensen- a Recettë-säit proposéiert gëtt -, wa mer dat „nice to have" vum Noutwendegen trennen, mä virun allem och, wa mer net panikéieren, mä d'Zukunft och duerch de Budget opbauen, wa mer also keng Abenteuer aginn an deenen nächste Méint a Joren, mä och bereet sinn, op dat eent oder op dat anert ze verzichten, an eis Erfahrung vun deene leschte Joren, d'Resultat vun eiser Finanzpolitik vun deene leschte Jore kucken, dann erreeche mer dat Zil, wat muss sinn, fir e modernt, attraktiivt, familljefrëndlecht Land opzebauen.

Mir sollten opgrond vun de Resultater vun deene leschte Joren an der Finanzpolitik keng brutal Kurskorrekture virhuelen, mä keng Spréng maachen, déi mer herno regrettéieren. Ech sinn dervun iwwerzeegt, datt eist Land och no der Kris eng gutt, eng grouss Zukunft huet. Dozou dréit de Budget fir d'Joer 2009 bäi.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Minister Frieden Merci fir seng Deklaratioun. Domat ass dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss.

Mir hunn als nächste Punkt, dat hate mer gëschter arrêtéiert, d'Motioun vum honorabelen Här Goerens iwwert den Dépôt vun engem Budget rectifié fir den Exercice 2009.

4. Motion de M. Charles Goerens relative au dépôt d'un projet de budget rectifié pour l'exercice 2009

Ass et de Wonsch nach vun der Chamber, esou wéi dat gëschter de Fall war, dass mer elo déi Motioun diskutéieren?

Här Fayot, wann ech gelift.

Discussion générale

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, wann d'DP-Fraktioun drop hält, fir se ofzestëmmen, kënne mer dat maachen. Mä et ass awer Usus an der Budgetsdebatt, dass mer Motiounen, déi erakommen, mam Budget stëmmen. Dat heescht, dass mer fir d'éischt eng Diskussioun hunn, jiddweree presentéiert dat, wat hie wëllt, an dann, wa mer Motiounen doleien hunn, da stëmme mer se. Mir hunn awer kee Problem, fir direkt ofzestëmmen.

Mä meng Meenung wär, wann elo nach aner Motioune kommen, dass mer dat sollen dann zesumme beim Budgetsvote maachen.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Wie freet nach d'Wuert?

Här Goerens, wann ech gelift.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, mir si selbstverständlech à la disposition vun der Chamber. Mir mengen allerdéngs opgrond vun den zwou Presentatioune vun de Regierungsmemberen, vum Statsminister a vum Budgetsminister, déi sech mam Inhalt vun der Motioun auserneegesat hunn, ouni datt mir d'Méiglechkeet haten, fir se ze presentéieren, misste mer awer zumindest d'Geleeënheet kréien, fir haut ze soen, firwat datt mer déi Motioun déposéiert hunn, an d'Tenants an d'Aboutissants vun där Démarche do erklären.

(Interruption)

Dann huet d'Chamber duerno décidéiert, wat mer maachen. Mir mussen haut net votéieren. Mir kënnen awer opgrond vun der Diskussioun, esou wéi et sech ergëtt, kucken, wat fir ee Sort mer där Motioun reservéieren.

M. le Président.- Jo. Also, ech géif zwar mengen, et kann een déi Motioun, esou wéi den Här Fayot proposéiert, d'nächst Woch beim Budget huelen. Et kann ee se awer och elo huelen, esou wéi den Här Goerens proposéiert. Mä da gëtt se elo geholl, da gëtt se diskutéiert an et gëtt driwwer décidéiert.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Jo.

M. le Président.- Voilà! Gutt. Här Goerens, dann hutt Dir d'Wuert.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Fraktioun huet ugekënnegt, mir sollten eng Motioun dës Woch déposéieren, wou mer d'Regierung géifen opfuerderen, eppes zimlech Ongewinntes, fir net ze soen Aussergeweinleches ze maachen, nämlech fir um Enn vum nächsten Trimester d'nächst Joer e Budget rectifié hei an der Chamber ze presentéieren.

Mir ginn och dovun aus, datt e gewësse Grad vu Pertinenz erreecht ginn ass iwwer eis Reien eraus, wat déi Motioun do ubelaangt. Well och de Statsminister sot, et wier net déi hirverbranntesten Iddi, mat där hie sech bis elo auserneenzesetze gehat hätt. Dat just niewebäi.

Firwat verlaange mer dës Prozedur? Mä mir sinn an enger aussergeweinlecher Zäit. Ech erënneren drun, datt mer scho virun e puer Joer décidéiert hunn, fir de Budget méi spéit ze presentéieren, well een dann am Besëtz ass vu méi rezenten a fiabelen Donnéeën, déi och erlaben, manner riskant Prognosë fir dat Joer, iwwert dat de Budget portéiert, ze maachen.

Wa mer dat dote maachen, da soe mer den 31. Mäerz. Dat ass sechs Méint méi spéit wéi den Dépôt vum eigentleche Budget, dee mer wëlle rectifiéieren. Sechs Méint an dëser Zäit bréngen een zu ganz neien Erkenntnisser. Wa mer gesinn eleng, wat an de leschten dräi Méint alles passéiert ass, da musse mer awer honnêtement unerkennen, datt mer haut méi kloer gesinn, ergo datt d'Marge, fir sech ze iren, méi kleng ass haut uganks Dezember, wéi dat nach uganks Oktober beim Dépôt vum aktuelle Budgetsprojet, dee mer d'nächst Woch diskutéieren, de Fall war.

En halleft Joer méi spéit weess ee scho méi iwwert d'Recetten. Ech erënneren drun zum Beispill, wéi et an der Finanzkommissioun ëm d'Ofschätzung vun den TVAs-Recettë gesot ginn ass, datt besonnesch déi dräi éischt Méint ee ganz utilement kënne renseignéieren iwwert den Trend wéi e sech bis zum 31. Dezember vun deemselwechte Joer fortsetzt. Mir hunn also do scho bei där wichtegster Steierquell wesentlech méi Fiabilitéit den 31. Mäerz, wéi dat elo de Fall ass.

En halleft Joer méi spéit wësse mer och méi iwwert d'Dépensen. Dat dote bleift jo net ouni Konsequenzen op den Aarbechtsmaart. Heiriwwer ass geschwat ginn. Am Fong wëlle mer dat haut net diskutéieren, mä mir wëllen nëmme just soen, datt dat doten, wat elo amgaang ass ze kommen, a wat amgaang ass ze passéieren a puncto Verschlechterung, déi Dépensë-Posten net onberéiert léisst.

Mir wëssen och Enn Mäerz méi iwwert d'Absorptiounsméiglechkeet vun eisen Administratiounen an och vun de Marchés publics dobaussen, iwwert déi Investitiounsprojeten, déi geplangt sinn. Mir wësse méi iwwert de Fortgank vun de Prozeduren an der praktescher Machbarkeet vun eenzelne Projeten.

Déi Motioun hei, an ech hunn deenen zwee Regierungsmemberen nogelauschtert, gëtt kee Wäertuerteel iwwert de Budget of. Déi Motioun hei wëllt nëmme just Suerg droen, datt d'Chamber, där hir Haaptprerogativ et jo awer ass, fir all Joer e Budget ze stëmmen, an där hire Rôle et also ass, fir sech mat de Chifferen auserneenzesetzen, an där hire Rôle et bestëmmt och ass - wéi den Här Bodry géif soen, hie formuléiert dat méi gescheit wéi ech dat soen -, fir der Wahrhaftegkeet vun de Chiffere méi gerecht ze ginn, dat och maache kann.

Wa mir dat hei maachen, hätte mer gär eppes, wat mer vun allen Acteuren, déi an där Kris hei implizéiert sinn, verlaangen. Mir hätte gär méi Transparenz. Mir hätte gär, datt d'Ratingsagencen eis méi fiabel Donnéeë ginn. Mir hätte gär, datt d'Banken eis méi Chiffere ginn, déi méi no bei der Realitéit leien. Mir hätten also och gär, datt de Stat mam gudde Beispill virgeet an eis esou no wéi méiglech un der Realitéit orientéiert.

Elo ass et esou, an esou nei si mer jo net am Geschäft, oder jiddefalls ech net, datt mer net verkennen, datt mer et am Budget mat enger ganzer Partie Posten ze dinn hunn, wou een a gudde wéi a schlechten Zäiten, a rouege wéi an onrouegen Zäiten net all Dépensen am Viraus ka festleeën.

A fortiori ass an aussergeweinlechen Zäite mat gréisseren Écarten ze rechnen, a wa mer eis hei an Écartë bewegen, déi ënner Ëmstänn 3 bis 4% vum PIB kënnen ausmaachen, ass dat d'Differenz, déi een huet tëschent engem équilibréierte Budget an där Zon, an déi een erakënnt, wou ee vu Bréissel e bloe Bréif kritt, well ee géint d'Maastricht-Kritäre verstéisst.

Duerfir si mer der Meenung, datt ee soll där Motioun hei hir Chance ginn. Et soll een ofwaarden, wéi d'Situatioun sech entwéckelt. An et soll ee virun allem der Tatsaach Rechnung droen, datt een no sechs Méint méi weess, wéi een elo wosst.

Net méi an net manner gëtt hei gefrot.

Mir hu gemengt, et wier utile, wann een den 31. Mäerz géif kënnen dee Budget rectifié déposéieren, fir datt dës Chamber en och nach ka virun de Wahle stëmmen.

En anere Grond ass deen, datt mer och wëlle mat engem ganz prezisen, oder esou prezis wéi méiglechen Ist-Zoustand an d'Analys vun der wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun vum Lëtzebuerger Land erakucken. Duerfir hu mer déi Motioun hei déposéiert.

Mir si ganz gär bereet, déi elo zur Diskussioun ze bréngen an och ze kucken, wat fir ee Sort mer no der Diskussioun wëllen därselwechter reservéieren.

Voilà, Här President, ech hunn nach e puer Minutten duerno fir eventuell ze reagéieren op dat, wat meng Kolleege soen, an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Wëllt nach een d'Wuert ergräifen?

Den Här Wolter, duerno den Här Fayot an dann den Här Bausch. Här Goerens, et missten nach Ënnerschrëften op déi Motioun kommen.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Eis Fraktioun dréit se. Wann anerer se wëllen ënnerschreiwen, da kënne se et ënnerschreiwen, Här President. Mir si ganz gär bereet. Mir maache keng parteipolitesch Differenz.

M. le Président.- Jo, jo, et geet net dodrëm.

(Interruptions)

M. Charles Goerens *(DP)*.- Eis Fraktioun dréit se.

M. le Président.- Här Wolter, wann ech gelift.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här President, Merci fir d'Wuert.

De Statsminister huet de Mëtteg eng Rei Saachen an der Chamber gesot, déi an hirer Däitlechkeet net z'iwwertreffe sinn. En huet notamment vun der schwieregster Situatioun a sengen Ae säit den 30er Jore geschwat, vun der Méiglechkeet, dass eist Land an en negative Wuesstum géif eragoen.

Dat ass an der Linn vun deem, wat d'Regierung och scho beim Dépôt vum Budget am Hierscht gesot huet, wéi se gesinn huet, dass eng Kris géif op d'Lëtzebuerger Land duerkommen.

Mir hunn als CSV-Fraktioun an engem éischte Kommentar no dem Dépôt vum Budget gesot, dass mir eis bewosst wären, dass et e voluntaristesche Budget wier, dee geziilt géint eng Rei Saache géif goen an deen och eng Rei vu Parameteren opgebaut huet, notamment fir dass mer um Niveau vun der Inflatioun, dem Wuesstum, dem Schafe vun der Aarbechtsplaz géifen déi Ziler erreechen, déi dem Budget géifen ënnerleien, an dass mer eis bewosst wieren, dass, wann dat net géif geschéien, d'Exekutioun vum Budget schwiereg wier.

Dat zum Sujet, ob oder ob net um Niveau vum 1. Oktober beim Dépôt vum Budget scho gewosst war oder geahnt ginn ass, dass d'Zuele fir 2009 géife schwiereg ginn.

Mir hunn an der Chamber an och an der Budgetskommissioun eis intensiivst drëm bekëmmert an och beroden, ob mer oder ob mer net géifen de Budget änneren. A mir sinn à l'unanimité - à l'unanimité, betounen ech - zur Konklusioun komm, dass mer de Budget net sollen änneren, well mer e wéilten esou exekutéieren, wéi en erakomm ass.

Mir sinn awer och, hunn ech d'Impressioun, säit dem Ufank vun der Kris mat enger Zort vun Aktivismus e bësse beschäftegt. Mir hunn am Oktober eng Interpellatioun kritt, eng Demande d'interpellation vun der Demokratescher Partei vum Här Goerens, fir eis iwwert den Développement durable des finances publiques z'ënnerhalen. Mir hunn duerno vun därselwechter DP eng Demande kritt, fir eng Commission spéciale ze grënnen, déi sech mat den Auswierkunge vun der Kris soll beschäftegen. Elo kréie mer d'Demande fir e Budget rectifié ze maachen.

Ech mengen, et muss ee sech iergendwann eng Kéier eens ginn, wat ee gären hätt. D'Regierung kënnt vun Ufank Oktober a regelméissegen Ofstänn an d'Chamber a mécht Rapport. Während enger ganzer Zäit ass dat an der Finanzkommissioun gutt gaangen. All 14 Deeg. Et ass also net noutwendeg, mengen ech, esou wéi de Statsminister et gesot huet, fir d'Bereetschaft vun der Regierung nach eng Kéier z'erklären, fir regelméisseg bei d'Chamber ze kommen, well d'Regierung regelméisseg säit dem Ufank vun der Kris, vum Oktober u quasi all 14 Deeg bei d'Chamber kënnt, fir an deene Chamberskommissiounen, déi dofir zoustänneg sinn, de Rapport ze maache vun deem, wat geschitt.

Ech mengen, dass mer eis eng Kéier sollen eens ginn. Mir ass et egal, Här Goerens, wou mer dat diskutéieren. Mä ech mengen, dass an engem Parlament vu 60 Leit, an ech hunn et deemools scho gesot, wéi mer décidéiert hunn, déi Commission spéciale anzereechen, an deem 70% vun de Leit zu 70% haaptsächlech mat hire gemengepoliteschen Aufgabe beschäftegt sinn, mir eis de Luxus net kënne leeschten, eis a sechs, siwen oder aacht verschiddene Gremien ëmmer mat deeneselwechte Leit erëmzegesinn, fir datselwecht ze diskutéieren.

Une voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Hu mer eng Kris: De grâce, traitéiere mer se an der Commission spéciale, traitéiere mer se an der Finanzkommissioun, traitéiere mer se an der Ekonomieskommissioun, traitéiere mer se wou och ëmmer!

Mä kommt, mir ginn eis driwwer eens, wéi mer d'Behandlung dovunner maachen. Well ech stelle fest, dass ëmmer déiselwecht Leit dosëtzen, an Dir gehéiert derzou, an dass ganz oft aner Leit net dosëtzen. Dozou gehéiert notamment Ären Noper zu Ärer lénker; fir an Ärer Partei ze bleiwen.

Et geet net duer, fir Pressekonferenzen ze maachen, fir Krise wëllen ze kommentéieren an de Medien. Et muss een och Präsenz markéieren dann, wann a parlamentarescher Aarbecht déi Kris traitéiert gëtt.

Une voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- An dat ass notamment an deene leschte Wochen an der Finanzkommissioun de Fall gewiescht. Wou Dir ëmmer präsent waart a wou, pour le reste, Är Fraktioun ganz wéineg präsent war, wéi mer am Konkreten do iwwert d'Finanzkris, hir méiglech Répercussiounen an hir Usätz vu Solutiounen diskutéiert hunn.

Dofir mengen ech, dass een déi Motioun hei soll oflehnen. Net, well ech net gesinn, dass een net regelméisseg soll diskutéieren. Mä well mer eis sollen eens driwwer ginn, och an deene Méint, déi elo kommen, déi net einfach sinn, wou dee Gremium ass, dee mer an der Chamber domadder beoptragen, fir d'Behandlung vun deem Ganzen ze maachen.

De Mëtteg si mer gewuer ginn, dass d'Tripartite fir de Januar géif zesummegeruff ginn. Ech muss soen, an dat soen ech wierklech a mengem Numm: Wann d'Chamber un der Léisung vun der Kris soll participéieren, a wann et eescht gemengt ass mat all deem, wat ech déi lescht Wochen héieren hunn, da stellen ech mer d'Fro, ob d'Chamber net an der Persoun vun deene véier Fraktiounspresidenten un deenen Aarbechte soll associéiert ginn.

Wéi kënne mer, wéi wëlle mer de Lien maachen tëschent enger méiglecher Kommissioun, Commission spéciale? Wéi kënne mer, wéi wëlle mer de Lien maachen zu der Commission des Finances oder zur Commission de l'Économie? Wéi kënne mer am Parlament eng Behandlung maachen, eng seriö politesch Behandlung, mam Wëssensstand, deen noutwendeg ass, fir eng seriö politesch Behandlung ze